Rapport Commission Jeunes 9.12.2025

Présents: Guy Kruchten, Romain Engels, Claude Magar, Serge Raach, Dan Wiseler, Marco Schmit, Marco Schmitz, Suzie Godart
Assiste: Richard Spautz

1) Approbation Rapport 11.11.2025

De Rapport gët unanime ugehuel a kann online gesat gin.

2) Mail de remerciement M. Hilgert (Kichechef) et remise des prix Trophée Jeunes

Den Här Higert war begeeschtert vun der Organisatioun, an as och an Zukunft bereet eis seng Lokalitéite fir esou Eventer zur Verfügung ze stellen.

D'Remise des prix gët op Samschdes de 18te Januar um 14h30 festgehal a fënnt um drëtte Stack vum Kichechef zu Capellen statt.

D'Suzie kuckt mam Här Hilgert fir d'Organisatioun vum Catering a freet och en Devis fir daat Ganzt beim Pol Eischen. (Softdrinks a Pains surprise)

De Richard Spautz freet am nächsten CA no, op mir daat nach iwwer de Budget 2024 kënne lafe loossen.

3) Classement insigne technique et classement général Trophée Jeunes

De Claude Magar an de Richard Spautz hu suwuel d'Klassement vum Technikofzeechen, wéi d'Generalklassement vum Trophée à jour gesat. De Richard huet et och un d'FSCL geschéckt fir ze publizéieren.

All Kand waat d'Technikofzeeche gepackt huet krit en Diplom iwwert säi Veräin geschéckt, non-licenciés kréien den Diplom per Post.

84 Kanner gi bei der Präisiwwerreechung am Januar geéiert, d'Veräiner kréie pro Kand, daat op d'mannst 3 Epreuve matgemaach huet, 25€ vun der Amicale des Anciens Coureurs Cyclistes. Insgesamt gin 2200€ bei der Assemblée générale vun der FSCL un d'Veräiner verdeelt.

4) Plaques de cadre 2025

Kaderplacken 2025 solle besser lieserlech gin, duefir gët d'Hannergrondfoto ewechgelooss.

Aus präislechen Ursaachen gët eng véiereckeg Form gewielt.

Den Numm vun all Kand gët aus Zäitgrënn ewechgelooss (Frist bis all Lizenzen ugefrot sin ze kuerz virun der éischter Course)

Mir bleiwe bei den Zuelen am 100/200/300.. System fir déi verschidde Kategorien.(40 pro Kategorie)

All Kand behält seng Nummer d'ganz Saison, Ersatzplacke gin direkt matbestallt (plus en 30 neutraler) a mussen bei Verloscht fir 5€ nokaft gin.

D'Suzie këmmert sech ëm en Devis fir plus/minus 450 Placken unzefroen, a schwetzt och mat dem Här Hilgert fir en eventuelle Sponsoring vun dëse Placken.

De Serge Raach proposéiert bei all Course eng Affiche opzehänke, wéi d'Kaderplacken unzebrénge sin, de Claude Magar sëtzt daat mat an d'Powerpoint fir bei der Versammlung mat de Veräiner ze weisen.

5) Chronométrage électronique et sponsorat éventuel

Zwee Devis‘en krute mir iwert d‘Sekretariat vun der FSCL zugestallt: Ultratiming an Optin.

Den Devis vun Ultratiming as just e Mail a keng genée Opstellung wéi gefrot. Den Devis vun Optin as tiptop opgestallt an exakt opgelëscht, allerdéngs relativ deier, bedéngt duerch d‘Tariffer vu Lëtzebuerg wat d‘Manpower ugeet.

De Comité schwätzt sech awer fir dësen Devis aus, d‘Suzie hëlt daat mat bei de potentielle Sponsor.

Falls de Sponsor sech géint den Timing ausschwätzt, kann hie jo eventuell d‘Kaderplacken iwerhuelen.

6) Réunion avec les clubs

D‘Réunioun gët op de 14te Januar um 19h00 an der Maison des Sports festgehal, de Florian Salzinger schéckt d‘Invitatioun nach dës Woch eraus.

De Claude Magar iwerhëlt de Lead fir eis Kommissioun, ma e Vertrieder vun der FSCL soll de Projet Minimes/Cadets virstellen.

De Parking souterrain soll fir d‘Leit zougänglech sin, de Florian bestellt e Beamer bei dem COSL.

7) Organigramme

Fir d‘Arbecht vun eiser Kommissioun ze optiméieren sollen an enger nächster Réunioun folgend Tâche verdeelt gin:
- Delegéierten op de Coursen
- Speziell Eventer (COSL Spillfest, Olympiadag…), Organisatioun
- Material Technikofzeechen asw. à jour halen, Zousaatzbestellungen, Stockage etc.
- Reglementer à jour halen, upassen asw.
- Fiddere vum Internetsite, Social Media
- …

8) Divers

Betreffend d‘Initiativ vun dem Trainerstaff, fir bei Crossen en Techniktraining fir Minimes/Cadets: Eng flott Saach, wou och Benjamin 2 kënnte geruff gin, ma wou d‘Commission Jeunes och sollt an d‘Bild gesat gin.
An Zukunft soll ëmmer ee Vertrieder vun deem Grupp (B.Nugent, J.Drucker, F.Schleck) an eise Versammlungen derbäi sin, fir Zesummenarbecht ze verbesseren (besonnesch am Hibléck op déi nei Regelung fir Minimes/Cadets).

D‘Suzie mecht eng Mail un d‘Claudine Conter fir eng Entrevue mat der Jurykommissioun am Februar ze froen. (Kids judge, Reglementer upassen asw.)

D‘Invitatioun un d‘Eltern an d‘Kanner fir d‘Präisiwwerreechung den 18te Januar soll esou séier wéi méiglech nach eraus (mat Retour per Mail oder Talon-réponse), d‘Suzie kuckt daat mam Sekretariat, de Richard gët hinnen all néideg Dokumenter a Klassementer eran.

Nächst Versammlung: Méindes den 13.1.2025 um 19:00 um Stade Boy Konen